

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13004LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 bannen an engem Bistro
Spilldauer:	+/- 140 Min.
Rollen:	10
Frauen:	5
Männer:	5
Rollensatz:	11 Hefte
Preis Rollensatz	152,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13004LU

Fake News Wiirtschaftsgespréich

(Kaméidistéck an in 3 Akten
vum
Jos Weimerskirch

Inhalt:

Um Comptoir vun der eenzeger Wiirtschaft am Duerf, verlooss, well d'Jugend an d'Stat zitt, erfannen esouwuel de Patron wéi och d'Clientèle Geschichten. ... wou e puer fräi erfonnt sinn, aner sech awer herno als Prophezeiung erausstellen.

Rollen an Asätz

Persounen	Beschreibung	
Robert SANCHEZ / Carmen	Propriétaire vum Bistro	
Claude / Julie	Doudegriewer	
Nick / Paris	Schüler	
Marc / Françoise	Politiker	
Sasha / Mariette	Journalisten	

Bünebild:

An enger Wiirtschaft.

Zäit:

Spillt zu der haiteger Zäit.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

(E Bistro. Hannert dem Comptoir steet de Patron (Robert) e bliedert duerch eng Zeitung. Seng Fra, d'Carmen, d'Patronne botzt Glieder of. Zweek Jonker, de Nick an d'Paris setzen un engem Dësch an drénken eng Cola. Béd hunn en T-Shirt un dee weist, dass se iwwerzeegten Ekologist a Veganer sinn. Eng Zeitung läit op hirem Dësch)

Szeen 1

Carmen: Du gesäis nervös aus. Wat geet net?

Robert: Wat net geet? Du frees mech wat net geet?

Carmen: Ma sécher Robert, so maer wat net geet.

Robert: Ma et ass näischt wat geet. Näischt hei am Land, Carmen, näischt.

(Si kuckt ënnert de Comptoir)

Carmen: Op alle Fall eis Spullmaschinne geet net méi. Du muss eng Kéier derno kucken.

Robert: Duerch an duerch faul, soen ech Daer.

(D'Carmen kuckt zu der Fënster vum Bistro eraus)

Carmen: Jo, esou guer dobaussen ass d'Wieder faul.

Robert: Wat?

Carmen: Fir e Mount Abrëll, ass dat schäiss Wieder, nee?

Robert: Jo.

Carmen: Maer hunn eis virun 30 Joer bestuet. Et war och an engem Abrëll. Weess de nach? Deemools war gudd Wieder.

Robert: Dat soll d'Äerderwiermung sinn? En alen Dréck. Maer fréieren, dat ass alles.

Carmen: Oder, maer sinn et selwer.

Robert: Maer?

Carmen: Ma am Alter gött et engem méi kal.

(De Robert kuckt di 2 beim Dësch)

Robert: Kuck si, se sinn am T-Shirt.

(Di 2 ginn sech e Kuss)

Carmen: Deenen 2 gött et net kal, deenen ass et waarm ëm d'Häerz.

Robert: Jo.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Carmen: Se si jo och nach jonk...

Robert: Dat wäert hinne vergoen.

Carmen: Déi hunn nach Illusiounen.

Robert: Du sees et. Da nennt ee sech vegan an drénkt ee Coca-Cola.

Carmen: Firwat? Ass Fleesch an der Coca-Cola?

Robert: Et ass scho gudd, ech verstinn mech.

Carmen: Du bass deen eenzegen deen

Robert: An da soe maer, mat deenen doten misst ee rechnen fir, dass déi eis Pensioun bezuelen.

Carmen: Dofir missten se emol fir d'éischt eng Aarbecht fannen. Hei an der Géigend gëtt et bal guer keng méi zënter se d'Pneue-Fabrik zou gemaach hunn an a Wäissrussland délocaliséiert hunn.

Robert: Fir dass een eng Aarbecht fënnt, muss ee noch esou eng sichen.

Carmen: Se dinn wuel fir ze profitéieren. Wann se bis eisen Alter hunn

Robert: Wat, wa se bis eisen Alter hunn?

Carmen: Ech hu mech ëmmer gefrot, firwat d'Aarbechter ëmmer Pneue verbrannt hunn wa se gestreikt hunn. Weess Du firwat?

(De Robert lauschtert hir net no.)

Robert: Pneuen?

Carmen: Firwat verbrennen se Pneuen? All Kéiers wann ee Leit um Fernseh gesäit déi streiken, verbrennen se Pneuen. Weess du firwat?

Robert: Hei an der Fabrik, hu se op mannst nei Pneue verbrannt.

Carmen: Pneue verbrennen! U wat erënnert dat?

Robert: Wat wëlls de wat se soss verbrenne sollten ?

Carmen: Dat muss eng Traditioun sinn.

Robert: Dat ass et. Dat muss aus aler Zäit sinn, dat ass sécher nach aus dem Mëttelalter.

Carmen: Ech si maer sécher, haut géifen se d'Jeanne d'Arc sécher op engem Pneuekoup verbrennen.

Robert: Jeanne d'Arc, Du weess dach, dass se hat esou wéi fréier, mat Stréi verbrenne géifen. Sou "à l'ancienne".

Carmen: Di Jonk verbrenne jo hautzedaags keng Pneuen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: Nee, du hues recht, déi verbrennen keng Pneuen, déi verbrennen direkt ganz Autoen ...

Carmen: An der Stad oder zu Esch villäicht, mee hei Di eng Kéier wou hei en Auto gebrannt huet, war wéi ech d'Kuelen vun eise BBQ ab der Mall vum Auto vergiess hat.

Robert: Ech schwieren der ... wann ech et wier, géif ech de Militärdéngscht nees aféieren an dat wier net wéi virun 1967, aacht Méint, dat kanns de maer gleewen.

Carmen: Has du de Militärdéngscht matgemaach?

Robert: Ech gouf ausgemustert.

Carmen: Wat? Du soss maer ni firwat

Robert: Gleeft maer, et ass besser, dass ech der net dovunner erzielen

Szeen 2

(De Claude an d'Julie kommen eran, an enger Doudegriewer-Tenue)

Claude: Meng Damen an Haeren

Carmen: Ah do sinn se d'"Croque-morts".

Julie: Haut seet ee "pompes funaibres".

Robert: Et misst ee Geieren soen, well wann der an der Géigend sidd, ass een an der Géigend dee geschwënn richt.

Carmen: Dat stëmmt. All Kéier wann der hei an de Bistro erakommt froen ech mech ob ech et sinn, deen där siche kommt.

Claude: Dat geschitt enges Daags. Bei eis ass jiddereen eemol a sengem Liewen Client.

Julie: Wa net, da brauch der Aech just ze soen, do kënnt de Buergermeeschter mat sengem éischte Schäffen. Dat ass méi witzeg.

Robert: Méi witzeg? Mengs de wann de Buergermeeschter a säin éischte Schäffen als Croque morts optrieden, da géif et hei direkt no Rouse richen?

Claude: Du hues recht. Et si just nach eng Drësseg Leit hei am Duerf. Wann dat esou weidergeet, dann ass hei geschwënn just nach e Phantomdurf.

Carmen: Et si méi Leit hei um Kierfecht wéi an der Mass, dat ass sécher.

Claude: Ajo, et si just nach aler hei.

Julie: De Paschtouer fënnt emol keng Massendénger méi.

Carmen: Ween ass dann haut och nach esou blöd, säi Jong dem Haer Paschtouer unzevertrauen?

Julie: Op alle Fall, mat deem Virus de sech permanent ännert, si maer net am Chômage.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Carmen: Esou als Resumé. Daer sidd di eenzeg di duerch dës Crise profitéieren.

Claude: Jo, maer missten souguer een astellen. Mee bei eis ass et wéi an der Restauratioun. T'ass haut schwiereg e Qualifizéierten ze fannen.

Julie: Wat wëlls de? Doudegriewer ass haut kee Beruff méi, deen di Jugendlech reizt.

(De Robert weist op di 2 Jonker mat sengem Kënn)

Robert: Hei di do sinn der 2 déi eng Aarbecht sichen, dat ...

Julie: Opgepasst, maer huelen och net egal wien. Eng Anäschierung ass eppes delikates. Dat ass net esou einfach, wéi just eng Pizza an den Uewen ze stiechen, oder e Grill unzefänken.

Carmen: Esouguer e Grill sees de ... Et ginn der do esouguer Dommer déi maachen d'Äschen an d'Mall vun hirem Auto ...

Claude: Jo, wa maer an d'Pensioun ginn, weess ech net wien eis duerno ersetzt.

Robert: D'Pizzaiolo'en aus Wäissrussland villäicht.

Julie: Bis et esou wäit ass, drénke maer nach e Patt.

Claude: Allez Carmen. Géff eis e Pastis. Et schéint, wéi wann deen all Variante u Virus, immuniséiere géif.

Carmen: Ricard oder 51?

Julie: Géff eis dee wéi ëmmer. Anscheinend huet den aneren Niewewierkungen.

Claude: Jo, et goufe Fäll vun Liewercirrosen an Ethyl-komma festgestallt.

Robert: Gesäis de, dat sinn Experten am Pastis.

(D'Carmen gétt hinnen de Pastis. Un hirem Dësch fänken di Jonk u mat schwätzen)

Szeen 3

Paris: Wat déi eis hei an dëser Bud iergeren.

Nick: Et ass den eenzege Café an engem Emkrees vun 30 km.

Paris: Kann een dat nach Café nennen? Wann se op mannst eng Jukebox, e Flipper oder e Billard hei hätten, da géif et op mannst e bëssen op Retro maachen. Esou mengt een et wier een an engem Zombiefilm.

Nick: Si, ob alle Fall, si langweilen sech net.

Paris: Jo. Si gesinn beschäftegt aus, an dat scho vu Moies un ...

Nick: Et ass nach keng 8 Auer a si sinn schonn beim Aperó.

Paris: Nee, mee kuck emol hiert komescht Gesicht ...

Nick: Oder et ass eng Auswierkung vun dësem Virus ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paris: Et gesäit sou aus, wéi wann deen hinnen op d'Gehier geschloen hätt.

Nick: Et ass villäicht eng Variant déi resistent op den Alkohol ass, well bei hinnen ass d'Gehier ganz sécher, domadder gedränkt.

Paris:

Si huelen de Wierkstoff iwwert de Mond an. Eng Drëps Waasser fir zwou Dosissen Pastis.

Nick: Si sinn villäicht am gaangen ze mutéieren, esou wéi de Virus.

Paris:

Du weess wéi se mutéieren, d'Virussen?

Nick: Nee.

Paris: Normalerweis reproduzéieren se sech an der selwechter Form, mee bei der Reproduktioun ginn et Feeler.

Nick: De Prinzip vun der natierlecher Selektioun vum Darwin. Just, dass héi all Kéier déi mat Feeler iwwerliewen.

Paris: Du hues recht, se ginn vu Kéier zu Kéier méi blöd.

Nick: An de Virus vun der Blödheet ass nach net mat der Mutatioun fäerdeg.

Paris: Weess de u wat ech dobäi denke muss?

Nick: Nee, u Kakerlake? Anscheinend kënne Kakerlaken weider liewen, nodeem een hinnen de Kapp erof geholl huet.

Paris: Dat stëmmt. Wéi et schéint gebrauchen se de Kapp net oft. Nee, ech hunn éischter un Termiten geduecht.

Nick: Ech gesinn net, wat s de domadder soe wëlls?

Paris: Di sozial Wiesen bei sech vun der Charpente vum eegenen Haus ernären.

Nick: Bis zu deem Ament wou den Daach hinnen op de Kapp fält.

Paris: Dat ass eng gudd Definitioun vum Mënsch, vum Klimawandel a vum virprogramméierten Enn vun der Äerd.

(seufzen)

Nick: Wat kënne maer maachen fir dat ze verhënneren?

Paris: D'Enn vun der Äerd ze verhënneren? Ech weess net. Ech muss der gestoen ech gleewen net, dass dat mat der Politik geet.

Nick: Ech och net. Ech menge net, dass een di Saachen vun Uewen ännere kann.

Paris: D'Leit halen net op d'Regierung ze kritiséieren. Mee maer hunn déi Regierung déi maer gewielt hunn Wann d'Leit manner blöd sinn, kréien se och eng anstänneg Regierung.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Nick: Et ass am Fong wéi bei den Thermiten. D'Kinnigin mécht guer näischt. Si mécht näischt aneres. wéi Eeër fir weider Thermiten ze leeën. Esou laang Thermiten, Thermiten sinn notzt et näischt d'Kinnigin ze wiesselen.

Paris: An esou laang Dommer, Dommer sinn, notzt et näischt de Kinnek vun den Dommen ze wiesselen.

Nick: Genau.

Paris: Hei, ech hunn en Thema fir de Bac an der Philo fonnt. Sinn an der Mënschheet di Domm ëmmer bestëmmt, fir ëmmer nees majoritär ze sinn?

Nick: Et misst ee klimesch Versich maachen. Op alle Fall huet am Ament di lëtzebuerger Dommheetsvariant et net fäerdeg bruecht, sech am ganze Land ze verbreedem.

Paris: Esouguer eis Blöd kréie maer net exportéiert. Dat deet verzweifelen.

Nick: Soulaang kucke maer, bis wéi wäit se ginn.

Paris: Ech si maer sécher, si wäerten eis iwwerraschen. Bass de prett?

Nick: Esou eppes vun.

Paris: Da looss et mam Spektakel lass goen.

(Si hiewe sech)

Paris: Äddi dir Damen an Haeren.

Nick: Nach e schéinen Dag.

(Di aner äntweren mam Kapp. Se ginn eraus)

Szeen 4

Carmen: Op alle Fall hu de Manéieren.

Robert: Ech wousst net. dass hei och nach Jugendlecher sinn. Kenns du se?

Carmen: Se si villäicht heihinner komm, fir hir Grousselteren ze besichen.

Claude: Oder si sinn fir op e Begrieffnis komm.

Robert: Wat fir e Begrieffnis?

Julie: De Client, dee maer an eisem Auto hunn. Et war deen Eelsten aus dem Duerf.

Carmen: An engem Duerf mat ëm di 30 Awunner, ass et net schwéier ze wëssen wien deen eelsten ass.

Robert: An et ass nach méi einfach fir Buergermeeschter ze ginn ... Zemol wann een den eenzege Kandidat ass.

Claude: Du häss jo och kënnen deng Kandidatur stellen. Du hues jo schonn e ganze Koup Iddien fir d'Land ze retten, dann ass dat klengt Duerf jo näischt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: Jo, mee wien ass dann elo den eelsten hei am Duerf?

Julie: Firwat, bass de dodrunner interesséiert?

(Amplaz ze äntweren, raumt de Robert den Dësch of.)

Robert: Si hätten hir Zeitung mathuele kënnen. Hei ass keen Dépôt fir ale Pabeier.

Julie: Op mannst kënnen di do liesen.

Robert: Gesäis de Carmen, se sinn net esou manéierlech wéis du gemengt ass. Schliisslech....

Carmen: Sief dach emol e bësse méi frëndlech mat den Clienten. Mengs de maer hätten der zevill?

Claude: Wat hu se iwwerhaupt hei am Bistro verluer? Hätten se net besser no enger Aarbecht ze sichen oder an d'Schoul ze goen?

Carmen: Dat selwecht wéi Daer mengen ech?

Julie: Am Laf vum Dag kënnst all Raubdéier an all jonk Gazelle bei d'Waasser vum Floss fir ze drénken.

Claude: Andeems se op di al Krokodiller oppassen déi am Waasser sinn.

(D'Carmen ass e bëssen verduzt iwwert dat Bild an der Stepp)

Carmen: Et ass wierklech net waarm fir e Mount Abrëll nee? *(Keng Reaktioun vun den 2 Doudegriewer)* Ech froe mech ob ech net d'Heizung *(eng Paus)* Kenn Daer aech a Spullmaschinnen aus?

(Di 2 weisen mam Kapp, dass se sech net doranner auskennen)

Julie: Wann et de Bakuewe wier, an da nach ...

Carmen: Ah, ech schwieren Aech, fir d'Welt ze retten ass et net falsch och eng Spullmaschinne flécken ze kënnen.

(De Robert geet zum Comptoir mat de Glieser a mat der Zeitung. E raumt säi Plateau a geheet e Bléck op d'Zeitung.)

Robert: *(liest)* "...sie tötete ihren Mann mittels Jagdgewehr zerschneidete ihn mittels Motorsäge, und löste ihn im Säurebad auf ..."

Claude: Do gesäit een wou d'Befreiung vun der Fra hiféiert.

Carmen: Eh, se soen de Mann wier gewalttätig gewiergt.

Robert: Wäers du capabel esou eppes ze maachen?

Carmen: Versich d' Hand géint mech ze hiewen, an du gesäis et.

Robert: An ausserdeem, hat hat e verlooss!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Claude: Du wäers gesinn um Enn vum Joer gëtt hat "Lëtzebuergerin vum Joer".

Carmen: A firwat net? E Knaschtsack manner. Op mannst, deet hien kengem méi wéi. Stëmmt et oder stëmmt et net?

(Et gesäit een, dass keen sech traut him de Contraire ze soen.)

Julie: Jo, mee....

(De Robert liest weider. Eng Iwwerschrëft zitt seng Opmierksamkeet op en)

Robert: Nondikass ...

Claude: Wat?

Robert: Et ass op der éischter Säit, dat hat ech nach ni gesinn: Soss kucken ech ëmmer ënner "Verschiedenes".

Julie: Nach e Mord?

Robert *(liest)* Nee, well e lauter wäiss Ziedelen bei der Wal ofgi goufen, gëllt déi net.

Claude: Nee?

Robert: *(liest weider)* Well esouvill wäiss Ziedelen ofgi goufen, gëtt de nächste Premier geloust. Dofir gëtt einfach eng d' Lëscht vun de Leit geholl déi op der Wielerlëscht stinn.

Carmen: Dat hunn ech nach nie héieren.

Robert: D'Zéiung gëtt vun der Lotterie nationale gemaach.

Claude: Wat fir en Dag ass haut?

Carmen: Ech weess net...

Julie: Maer hunn haut net zoufällegerweis de 1ten Abrëll?

Claude: Nee, haut ass den 2ten?

Carmen: Bass de sécher, dass dat net d'Zeitung vu gëschter ass?

(De Robert kontrolléiert den Datum.)

Robert: Wann haut den 2ten ass, dann ass dat heiten d'Zeitung vu muer.

Julie: Vu muer?

Robert: *(wéist op der éischter Säit)* Hei steet den 3ten Abrëll.

(En Ament vun Erstaunen)

Claude: Wann d'Politiker net méi regéiere wëllen, wou geet dat hin?

Julie: Se wëssen emol net méi eppes virmaache sollen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: Se halen eis wierklech fir domm.

Carmen: Daer musst dach stolz sinn. Daer wësst dach wéi een d'Land rett.

Claude: Dat ass gewëss.

Julie: A wéi ...

Robert: Et ass dach egal, maer hunn dach souwisou net d'Chance geloust ze ginn.

Carmen: Firwat net? Eng Chance op 250.000. Esouguer am Lotto ginn et Leit déi di richteg Zuele wielen.

Julie: Ech gleewen dat net.

Carmen: A firwat net?

Claude: Well alles truquéiert ass.

Julie: Ma natierlech, do ass alles am Virfeld ofgeschwat a Vetternwirtschaft.

Robert: An duerch Zoufall ass dat och nach een, deen op der d'école de la deuxième chance war.

Claude: Et muss ee net naiv sinn. Alles ass am Virfeld ofgeschwat.

Carmen: Gesi Daer et esou?

Julie: Ma natierlech!

Claude: Hei Carmen, bréng eis e neit vollt Glas, maer musse ganz immuniséiert ginn.

Julie: Jo, ech och, ech fille mech esou schwaach

Claude: Kee Wonner mat all deene Varianten déi iwwert eis kommen: Di Chineesesch, di Indesch, di Brasilianesch

Robert: Di Afrikanesch

Julie: Di Éislekesch

Carmen: Di Éislekesch ...

Claude: Ass et wéinst menger wou s du dat sees?

Robert: Bass du aus dem Éislek?

Claude: Éisleker vu menger Mamm hirer Säit.

Julie: An Mierscher, wéinst engem Kolleeg vu sengem Papp.

(D'Carmen féllt d'Glieser.)

Carmen: Et voilà

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: De Pastis, ass fir alles gudd.

Claude: Dee misst vun der CNS rembourséiert ginn

Carmen: Jo, mee hei musst der awer eng Kéier passéieren, fir dat wat ech opgeschriwwen hunn, ze bezuelen. Hei gétt et nach kee "Tiers Payant".

(De Robert kuckt nees an d'Zeitung)

Robert: *(zum Carmen)* An, wat mengs de?

Carmen: Oh, do Ech, ech maache keng Politik.

Robert: Ech schwätzen vum Dag vun haut. Wat si maer haut?

Carmen: Waart looss mech nodenken... Gëschter ware maer den 1ten, nee?

Julie: Da si maer haut den 2ten.

Claude: Wier dat wierklech d'Zeitung vu muer?

Julie: Jo just Ech hunn fir haut, nach ëmmer net mäi Lottoschäin ofginn. Wat fir eng Zuele gewonnen?

(De Robert leet d'Zeitung op de Comptoir, d'Carmen werft e Bléck dran)

Carmen: Tiens, den Ëmweltministère offréiert jidderengem e Komposter.

Julie: E Komposter? Firwat dat dann?

Carmen: Esou wéi et ausgesäit, ass dat fir de Planéit ze retten.

Robert: E Komposter ... Ech soen Aech, déi halen eis wierklech fir domm.

Carmen: Jo, an heiansdo froen ech mech op se net recht hunn?

Julie: *(zum Claude)* Hues du e Komposter?

Claude: Ech hunn e Koup Mëscht am Haff.

Robert: Zu eiser Zäit huet een e Kompostkoup e Mëschtékoup genannt.

Claude: *(sentimental)* D'Famille ass do wou deen déckste Mëschtékoup ass.

Robert: Zënter ëmmer ginn et iwwerall Mëschtkéip.

Julie: Jo, den Hunn op der Mëscht, ass esouguer d'Symbol vu Frankräich.

Claude: An awer hunn se d'Welt net gerett ...

Robert: Op alle Fall hu se domadder net Lëtzebuerg gerett.

Carmen: Du retts eist Land, se hu just nach op dech gewaart. Hues Du maer net gesot, dass du a leschter Zäit, Stëmmen héiers?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: Tinnitus nennt een dat, ech hu net vu Stëmme geschwat. Hat D'Jeanne d'Arc net och en Tinnitus?

Carmen: Kuck an Google no.

(De Claude hält d'Zeitung a gehait dodrop e Bléck)

Claude: Also ass et awer kee Witz! Déi louse wierklech de nächste Premier ...

Julie: Kënn der Aech dat virstellen? Wann dat op mech fält

Robert: Op alle Fall, wann ech Premier wier, kéint ech der soen wat ech maache géif.

Claude: Ech och.

Julie: Jo ?....

Robert: Mat all deem wat een haut gesäit.

Claude: Natierlech.

Julie: Et sinn ëmmer di selwecht déi hei Bordell maachen.

Robert: Et weess een wien et ass, an et mécht ee näischt.

(eng Paus)

Carmen: Wien ass et?

Robert: Wat?

Carmen: Wien?

Robert: Wien ass wien?

Carmen: Déi ëmmer de Bordell maachen? Du soss du wéisst wien et wier. Also brauchst du et just ze soen, du bass dach esou e Schlauen.

Robert: Jo, oh, ech verstinn mech ...

Carmen: Also, ech verstinn dech net. Kannst du méi däitlech sinn?

Robert: Da ginn ech nees als ... *(zu den Doudegriewer)* Daer gesidd wien ech mengen nee?

Julie: Ma natierlech ... Et ginn der ëmmer méi.

Carmen: An der Rei. Et sinn der vill hei ?

Robert: Hei, nee, mee ...

Claude: Nach net.

Carmen: An der Rei, wann dat hei esou weidergeet, ass geschwënn guer kee méi hei. Di Al stierwen an di Jonk ginn hirer Wee. Esouguer d'Flüchtlingen wëllen sech net bei eis installéieren.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: D'Flüchtlingen ...

Julie: Geschwënn ass et un eis, da si maer Flüchtling. Jo, wann hei bis emol jiddereen begruewen ass.

Claude: Flüchtling, Landflucht, Auswandeung

(eng Paus)

Robert: Wat maer bräichten, wier e richtege Krich.

Julie: Da wier jiddereen nees zefriden.

Claude: An dat géif d'Economie relancéieren.

Julie: Ouni d'Wëssenschaft ze vergiessen. Di gréissten Entdeckungen goufen während der Zäit vum Krich gemaach, de Penicillin, d'Atombomm, d'Mikrowelle, de Kondom

Robert: De Kondom, bass de sécher?

Julie: Ech mengen.

Carmen: An natierlech, Daer géift e maachen, dëse Krich ...

Robert: Firwat net ?

Carmen: Du waars emol net an der Arméi?

Robert: Jo, oh ... Maer sinn ze al, souwisou ...

Claude: Maer loossen di Jonk vir.

Julie: Da léieren se eppes fir hiert Liewen.

Carmen: E Kirch? Just fir ze froen, géint wien?

Claude: Mäi léift Carmen, dat ass de Problem mat Europa. Lo hu maer keen dee maer vun eis ugräife kéinten a wat géife maer och mat eisen 600 Leit maachen?

Robert: Maer hu just nach Leit fir Nationalfeierdag an d'Avenue de la Liberté, an da fëlle maer de Cortège mat der Hondsstaffel vum Roude Kräiz a mat der LAR op.

(eng Paus)

Julie: A wéi wier et mat engem Biergerkrich?

Robert: Jo. Eng Aktioun vun eisem Militär.

Claude: E Putsch.

Julie: E Pronun ... e Pronon ...

Carmen: E Pronunciamiento

Julie: Dat ass et, e Pronunciamiento. Dat ass net einfach fir auszeschwätzen ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Carmen: Eng Diktatur? Ass et dat wat der wëllt ...?

Robert: Ëmmer esou grouss Wieder ...

Julie: Eng Diktatur villäicht net

Claude: Huet de Franco. Jiddereen huet en als Diktater gesinn. Mee esoubal et August war, war dat jidderengem egal, an ass fir seng Vakanz op d'Costa Brava gaang.

Julie: Jo an? Dat war jo nach innerhalb vun Europa, do war et net esou schlecht.

Robert: Jo

Carmen: Firwat sinn deng Elteren da net während dem Putsch do an d'Vakanz gaangen?

(De Robert weess dorobber net ze äntweren)

Julie: Jo, dat ass alles Duerfpolitik.

Claude: Maer kréien an der Realitéit ni e Wuert matzeschwätzen.

Robert: Et sinn ëmmer di selwecht déi Decisiounen huelen.

Julie: An elo wëllen se sech hir Hand net méi knaschteg maachen. Wien ass eigentlech Nationallotterie. No wat gesinn déi aus?

(Se maachen hier Glieder eidel. Schweigen)

Claude: Dat sinn der, kann ech der soen....

Black

Robert: Allez fëll eis nach eng Kéier d'Glieder, et ass meng Tournée.

(D'Carmen fëllt d'Glieder. Si maachen déi ouni eppes ze soen eidel)

Carmen: So, hunn se net d'école de la 2ième chance ofgeschaaf?

Julie: Jo, mee déi di déi Schoul besicht hunn, sinn nach ëmmer do.

Robert: D'Politiker sinn wéi e Virus. Wanns de mat enger Variant fäerdeg bass, mutéieren se an et huet een et mat enger neier ze dinn.

Claude: Egal wéi, ech gi just nach wäiss Ziedelen of.

Robert: Ech och.

Julie: Mat der Bréifwal geet just nach een vun zéng an Kabinne. An d'Leit wëlle näischt méi vu Walpflicht héieren.

Robert: Dofir hunn se decidéiert de nächsten Premier ze lousen. Esou wäit si maer ...

(Eng Paus)

Carmen: A wat géifs du maachen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: Wéi?

Carmen: Du soss, wanns du decidéiere kéints, da géif s di wëssen wat s de maache géifs. Also wat géifs de maachen?

(De Robert weess net wat hien soe soll)

Claude: O dat ass net komplizéiert.

Julie: Fir unzufänken, misst een

(Black)

Robert: Et wier esouvill ze maachen. Et weess ee jo mol net wou een ufänke soll.

Carmen: Jo, mee wat géifs de als alleréischt maachen?

Robert: Also, als alleréischt géif ech d'Rond-pointen ewech huelen.

Julie: D'Rond-pointen?

Robert: Jo d'Rond-pointen! Wéi maer jonk waren, goufen et déi net a maer sinn och esou gudd iwwert d'Kräizung komm, Nee?

Claude: Jo

Robert: Nee, mee erënnert Aech, wéi maer jonk waren goufen et keng oder etwa dach?

Julie: Nee, dat stëmmt!

Robert: Ech selwer hu, bis zum Alter vun 20 Joer, ni ee gesinn. Daer etwa?

Claude: Deen éischte Rond-point deen ech gesinn hunn, war op der Tëlee den ëm den Arc de Triomphe, soss hat ech nach ni ee gesinn.

Julie: Deemools si maer op Paräis gaangen fir e Rond-point ze gesinn. Dat war eng Attraktioun genau sou wéi den Eiffeltuerm.

Claude: Ech mengen dat war och deemools deen eenzegen.

Robert: Lo huet all Kouduerf een. All Duerf huet eng Kierch an e Rond-point. Ech mengen deemools war just een eenzegen a ganz Frankräich.

Julie: Op alle Fall war keen hei am Duerf.

Robert: A mat wem sengem Geld ginn di Rond-Pointen gebaut?

Claude: Mat eise Steiergelder.

Julie: Jo.

Robert: Ech schafen d'Rond-pointen of an duerno d'Steieren.

Claude: A, jo, dat ass net blöd.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Robert: E Rond-point ze bezuelen, den eis just am Krees féiert. No wat gesäit dat aus?

Julie: No näischt. Robert, du hues recht.

Carmen: An ausserdeem ginn di Rond-pointen ëmmer vun deenen benotzt, déi hir Pneuen gäre quiitsche wëlle loossen.

Robert: Ech schafen d'Rond-pointen of, ech schaffen d'Steieren of, ech schaffen de ganze Staatsapparat of.

Claude: Jo ...

(Paus)

Carmen: Villäicht net dee ganze Staatsapparat. Soss, wien bezilt eis eis Pensioun aus?

Julie: Dat stëmmt. Mee bis dass maer d'Pensioun kréien, musse maer nach schaffe goen. Ech hoffen, dass se Aech net blösen dinn.

Claude: Keng Gefor. Hues du schonn eng Kéier gesinn, dass e Flic en Doudewon unhält?

Robert: An aere Client deen der transportéiert wäert sech och net beschwéieren.

Julie: Déi di maer transportéieren net, mee dären hir Famill. Dës lescht wéi maer hei bei Aech fortgefuer sinn, hat dat Rëndvéi den Deckel vun der Mall vun eiem Doudewon opgelooss.

Robert: Jo an?

Julie: Bei der éischter Kéier, hu maer d'Doudelued verluer.

Robert: Merde ...

Claude: Wéi maer um Kierfecht ukoum sinn, hate maer et eréischt festgestallt.

Robert: A wat hu der do gemaach?

Julie: Maer sinn zeréck gefuer, fir se ze sichen. Se war eis um Rond-point an de Grouf gerutscht.

Claude: Dat mam Doudegen ass nach gaangen.

Julie: Mee d'Doudelued hat natierlech e puer Téitschen.

Carmen: An d'Famill, déi ware sécher net glécklech?

Claude: Gottseidank hate maer e rout-wäiss-bloe Fändel an der Mall.

Julie: E Fändel dee maer op der Gemeng matgeholl haten.

Carmen: Matgeholl? Fir wat dermadder ze maachen?

Claude: Ma fir de Fussballlännermätsch e Samschden.

Robert: A jo.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Julie: Maer hunn en iwwert d'Doudelued geluecht amplaz vum Deckel. Si hu just d'Feier gesinn.

Claude: Et muss ee soen et war eng Anäschering.

Julie: D'Famill war e bëssen erstaunt, et war een vun déi Säit der Musel, den seng 2t Wunneng hei an der Géigend hat

Claude: Maer hunn d'Heemecht gesong, alles ass gudd ofgelaf.

Julie: Dat ass esou en Trick deen ech a mengem Beruff geléiert hunn. Wanns s de net weiderweess, da sang d'Heemecht, dann ass jiddereen nees zefridd.

Carmen: Also, wann der mech eng Kéier transportéiere musst, da versicht wéinstens eniichter ze sinn.

Claude: Ass versprach.

(De Claude an d'Julie maachen hiert Glas eidel)

Julie: Allez, d'Aarbecht ríft.

Claude: Maer kommen herno fir den Apéro.

(Se ginn eraus)

Szeen 5

Robert: E Lëtzebuerger Fändel ... A, ech schwieren der, et ass schéin, eist Land ...

Carmen: Wat wëlls de domadder soen?

(De Robert iwwerleet en Ament, weess awer net wat hien soe sollt)

Robert: Et ass roueg haut de Moien. Fënnt s de net och?

Carmen: Dat ass d'Rou virum Stuerm.

Robert: Firwat sees de dat?

Carmen: Et seet een esou, oder etwa net?

Robert: Jo, mee maer haten hei nach ni vill Stuerm.

Carmen: Dat wäerte maer gesinn ... mam Klimawissel ...

Szeen 6

E jonke Mann an eng Fra, Marc a Françoise kommen eran. Hien huet e Kostüm un a si en Tailleur. Si ass geschminkt an hien huet eppes am Gesicht (evt. e Schnurri, Baart an/ oder e Brëll. Se gesinn 10 Joer méi all, wéi de Nick an Paris aus. Si begréissen di 2 Patronnen mat engem Kappzeechen a ginn sech un en Dësch setzen.

Robert: Di 2 huet een hei nach ni gesinn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Carmen: Dat mussen Touriste sinn.

Robert: Touristen, hei am Eck? Dat wier awer elo fir d'éischt.

Carmen: Déi hunn es sécher sat vun der Costa Brava.

Robert: Deen eenzege Friemen hei, war den Däitschen, deem se di lescht Woch verbrannt hunn.

Szeen 7

Di zwee déi grad komm sinn, schwätzen ënnert sech e bëssen verschwörerech, mee genuch haart fir vun deem 2 Patronne gehéiert ze ginn.

Marc: Also dat ass hei ...

Françoise: Esou wéi et ausgesäit, *(kuckt um Pabeier)* nom Rond-point, de Café des sports, vis-à-vis vun der Kierch. Egal, et gëtt souwisou keen anere Café hei am Duerf.

(D'Françoise gëtt dem Marc de Pabeier zeréck)

Marc: *(kuckt de Pabeier)* Monsieur Robert Sanchez? *(kuckt an d'Direktioun vum Comptoir)* Meng der dat wier en ?

Françoise: Dat fäerten ech

Marc: E gesäit wéi e Gewënner aus.

Françoise: Do gesäit een .. den Zoufall mécht di Saach ëmmer gudd.

Marc: An Der sot e wéisst guer net Bescheed?

Françoise: Kee weess eppes, et gëtt muer eréischt matgedeelt *(kuckt zur Fënster eraus)* Mee anscheinend gëtt et eng Fuite. D'Tëlee ass schonn do ...

Marc: Do kritt hien e Choque.

Françoise: Dat gleewen ech ...

(Dem Marc sêin Handy schellt an hien geet drop)

Marc: Jo Monseigneur..... Jo, dee gesinn ech den Ament wou maer mateneen schwätzen. Ass hien fäeg fir esou en Job? Esou wéi hien ausgesäit, kéint een éischer mengen ... Am Fong, et misst een en normal gekleet gesinn... Ech wollt soen an engem Kostüm. Nee, hee weess nach ëmmer näischt. Gudd Monseigneur. Jo der hutt recht...

Françoise: An?

Marc: Et kann ee kee Réckzéier méi maachen maer mussen him et soen.

(Se hiewen sech vun hire Still)

Carmen: Gees de kucken wat se wëllen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

De Robert mécht sech prett fir d'Commande opzehuelen, wéi hien op se zougeet geheet hien e Bléck zur Fënster eraus.

Szeen 8

Robert: Wat ass dat fir en Auto dobaussen?

(D'Carmen kuckt elo och)

Carmen: Et géif e mengen et wier en Auto vun der Tëlee.

Robert: *(perplex, dréit sech zu den 2 Clienten)* Wat kann ech Aech bréngen?

Marc: Moien Monsieur. Si Daer de Robert Sanchez?

Robert: Hee selwer ... firwat?

Françoise: Haer Sanchez, ech recommandéieren Aech, Aech ze setzen

Marc: Maer si komm fir Aech eng gudd Noricht matzedeelen.

Robert: Eng gudd Noricht? An der Rei ... Carmen et sinn d'Zeugen Jehovas, bréng d'Juegdflënt.

Szeen 9

(D'Carmen geet eraus.)

Marc: Maer gehéieren net zu enger Sekt, Haer Sanchez.

Françoise: Maer kruten all e Mandat vum Staat.

Robert: Vum Staat? ... Sinn et d'Stéieren?

Françoise: Berouegt Aech. Maer si net komm fir e Kontrolle vun de Steieren. Maer bréngen Aech éischer eppes.

Robert: Der bréngt maer eppes?

Françoise: Eng Fotell, Haer Sanchez.

Robert: Ech hunn Aech elo grad eréischt gesot, dass ech mech net sëtze wëll.

Françoise: D'Fotell vun eisem Premier.

(De Robert ass natierlech erstaunt)

Robert: Dat ass fir di "Versteckte Kamera", wou ass se?

Marc: Nee, Haer Sanchez, guer net.

Françoise: Ech versécheren Aech, dass dat net zum Spaass ass.

Marc: Hu der dobaussen den Auto vun der Tëlee gesinn?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(De Robert kuckt op e neitst eraus)

Françoise: Dat ass just deen éischten deen heihinner kënnt. Mee gleeft maer an enger Stonn wäert di ganz Presse hei sinn.

Marc: Se sinn wéinst Aerer hei, Haer Sanchez.

Robert: Wéint menger?

Françoise: Fir di éischt Andréck vun Aech ze kréien, wéinst aerem Erfolleg bei der Wal.

Robert: Wat fir en Erfolleg?

Marc: Haer Sanchez, ech deelen Aech heimadder offiziell mat, dass Daer vun der Lotterie nationale als neie Premier gewielt gouft.

Françoise: A Haer Sanchez, et ass Aer Bestëmmung, dass Daer als Premier geloust gouft fir eist Land ze retten.

Robert: Sot maer, dass et net wouer ass.

Marc: Ech fäerten dach ...

Robert: Ech mengen, ech muss mech awer setzen.

Riddo

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
“Fake News/ Wiertschaftsgespräch“*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de